N°462
Entrée le 13.03.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 13.03.2024

adr

**Groupe parlementaire**

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. Mäerz 2024

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

D'Riichteren um Europäesche Geriichtshaff fir Mënscherechter gi fir all Land vun der Parlamentarescher Versammlung vum Europarot aus enger Lëscht vun dräi Kandidate gewielt, déi vum betreffende Staat proposéiert ginn. Déi gewielt Riichtere sinn awer onofhängeg, oder sollen et op d'mannst sinn.

Wéi een an engem Bréif, datéiert op de 27. Oktober 2023, vum Lëtzebuerger Ambassadeur beim Europarot un d'Generalsekretärin vun der Parlamentarescher Versammlung vum Europarot liese kann, hat Lëtzebuerg dësem Organ dräi Kandidate fir de Poste vum Riichter um EGMR proposéiert, vun deenen een déi däitsch Nationalitéit hat. Am selwechte Bréif liest een: *« La procédure de sélection nationale au Luxembourg s'est **largement** basée sur les lignes directrices du Comité des Ministres du Conseil de l'Europe du 28 mars 2012 concernant la sélection des candidats pour le poste de juge à la Cour européenne des droits de l'homme ».* Zum Schluss vum Bréif heescht et: *« Cette liste* [mat den dräi Kandidaten] *ainsi que les noms des autres candidats a été remise à Madame la ministre de la Justice, qui a fait sienne la liste adoptée par le Comité de sélection national. »*

An deem Kontext hunn ech follgend Froen un d'Madamm Justizminister:

1) Kann d'Madamm Minister preziséieren, a wéiwäit sech Lëtzebuerg un d'*« lignes directrices du Comité des Ministres du Conseil de l'Europe du 28 mars 2012 concernant la sélection des candidats pour le poste de juge à la Cour européenne des droits de l'homme »* gehalen huet, an a wéiwäit net ?
2) Ass d'Madamm Minister grondsätzlech der Meenung, datt Lëtzebuerg beim Choix vun den dräi Kandidaten, déi eist Land der Parlamentarescher Versammlung vum Europarot proposéiert, dovun ausgoe sollt, datt déi Kandidaten déi Lëtzebuerger Nationalitéit sollten hunn, wuelwëssend, datt et op europäeschem Niveau bis elo, wann iwwerhaapt, extrem rar war, datt e Land e Kandidat aus engem anere Land proposéiert hat? Wëll

d'Madamm Minister an Zukunft dofir suergen, datt nëmme Kandidate mat der Lëtzebuerger Nationalitéit fir de Poste vum Lëtzebuerger Riichter um EGMR zréckbehale ginn?

3) Wann net, wier et fir d'Madamm Minister deemno politesch akzeptabel, wa kee Riichter mat Lëtzebuerger Nationalitéit um EGMR wär?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten